



Allianz von Humanisten  
Atheisten & Agnostiker

## Vu Verspriechechen a falschen Hoffnungen

Carte blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

20.01.2016

*Villes war am Wahlkampf an an de Koalitiounsverhandlungen 2013 a Saachen Trennung vu Kierch a Staat mat all senge Facetten versprach ginn. Beim Anhale vun deene Verspriechechen hapert et awer anscheinend nach ferm. „Vu Verspriechechen a falschen Hoffnungen“: eng Carte blanche vum Laurent Schley, President vun AHA Lëtzebuerg.*

Am Virfeld vun de Landeswahlen 2013 haten sech ennert aneren déi dräi aktuell Regierungsparteien däitlech fir eng Trennung vu Kierch a Staat ausgeschwat, an och kloer Aussoen gemaach iwwert d'Aféieren vun engem gemeinsame Wäerteunterricht, dat heescht de facto d'Ofschafe vum Reliounsunterricht an der ëffentlecher Schoul. Dat war ee grousst Thema virun de Wahlen, an och duerno an de Koalitiounsverhandlungen. Do war d'Trennung vu Kierch a Staat deen éischte groussen Accord tëscht deenen dräi Parteien.

Di zwee wichtegst Aspekter, nämlech de Wäerteunterricht an d'Konventiounen mat de Reliounen, sprécht hir Finanzéierung, sinn an d'Hand vu Ministeren vun der selwechter Partei komm. Dozou hei puer Iwwerleeungen.

Kuckt een, wat an deenen zwee Dossieren bis elo konkret passéiert ass, da kënnt eng gewëssen Ernüchterung op. Bei de Konventiounen ass wuel virgesinn, dass d'kathoulesch Kierch an Zukunft manner Geld kritt, dofir kennt awer eng zousätzlech Konventioun mam Islam dobäi. Eng seriö Trennung gesäit anescht aus: do wieren nämlech d'Konventiounen terminéiert, a keng nei mi opgestallt ginn. Et mag wuel juristesche net sou einfach sinn, well schliesslech ass de System vun der Finanzéierung vun der kathoulescher Kierch duerch hiren politeschen Aarm mam Numm CSV iwwer Joerzéngten opgebaut a gefestegt ginn. Trotzdem, Fakt ass, dass deen Dossier éischter enttäuschend verleeft.

Schlëmmer ass et sécherlech nach am Dossier Wäerteunterricht. De *Cercle de Coopération des Associations laïques*, kuerz CCAL, huet an de läschte Wochen a Méint en etlech Mol a Pressematdeelungen, Avisen a Bréiwer op d'Mëssstänn an deem Dossier higewisen. Vill bruecht huet et net: den zoustännegen Minister schalt op stur an zitt seng Linn ouni Rücksicht op d'Positioun vun deenen net-gleewege Leit duerch. Am Programme directeur, publizéiert am November 2015, ginn di net-reliéis Usichten net erwähnt, obschonn haut zum Beispill, wei aus den rezenten Statistiken vum Statec ervirgeet, bal d'Hallschent vun den Leit hier Kanner net méi deefe loossen an domat Tatsaachen um Terrain schafen di missten an



Allianz von Humanisten  
Atheisten & Agnostiker

d'Gedankenspill vun enger progressiver Regierung afléissen. Leider schéngt dat net de Fall ze sinn.

D'Rechnung gouf awer anscheinend ouni de Wiert gemaach. Et gouf wuel vun deenen zwee Ministeren ënnerschat, wivill Leit di finanziell Trennung an de Wäerteunterricht - vläit net als Top-Prioritéiten, well där gëtt et anerer - , mee trotzdem als ganz wichtege Dossier gesinn, fir eist lëtzebuerger Land endlech lasszeléisen vun ondemokrateschen a ganz oft fraeifeindlechen Institutionen mat archaëschen Dogmen. Wi AHA un deenen ville Réckmeldungen vun besuerchte Bierger gesäit, gouf wuel vun deenen zwee Ministeren net verstanen, dass eng grouss Majoritéit vu Leit sech un d'Wahlversprieche erënneren, an sech net mat enger hallefhäerzeger Pseudotrennung an engem vum Bistum beaflosste Wäerteunterricht zefridde ginn.

Wier dat nämlech richteg ageschat a verstane ginn, da wier ee lo wuel manner verwonnert iwwer di schlecht Sondagen.

*Allianz von Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), [www.aha.lu](http://www.aha.lu)*

*Mitglied International Humanist and Ethical Union (IHEU)*

*Mitglied European Humanist Federation (EHF)*

*Mitglied Alliance for a Secular Europe*

*Mitglied Cercle de Coopération des Associations laïques (CCAL)*